Kontakt

Informatiounsblat vum Fieldgen **No 6** **Freides, den 27. Oktober 2017**

AGENDA

jusqu'au 28.10.	4GPA en stage
jusqu'au 28.10	9PR et 9MO en stage
30.10. - 5.11.	congé de la Toussaint

Schack déng Kollegen - Lies ee Buch

Halloween am CDI

Dracula, Voldemort, Frankenstein & Co. hunn zesummen eng Missioun … D'Schüler aus dem Fieldgen un d'Fäerten ze kréien! Am CDI ass fir jiddereen eppes derbäi fir sech an der Vakanz esou richteg ze gruselen!!!
Dofir kommt elo bei eis laanscht (wann der iech traut) …

ING Marathon 2018

Den 12.5.2018 ass den *ING Night Marathon* an der Stat Lëtzebuerg. Wann dir interesséiert sidd fir mat enger Fieldgenséquipe beim *Team-Run* matzelafen, da kommt iech an de Büro vun de Sportsproffen umellen.

J. Buschmann

LËTZEBUERGER NATURWËSSENSCHAFTSOLYMPIAD

Du intersséiers dech fir Naturwëssenschaften ?

Du bass nom 1.1.2001 gebuer ?

Dann mell dech un fir d'NWO Qualifikatioun den 16.11. um 8 Auer am Sall Raoul Follereau.

Weider Info beim Här Kramer (Bio) oder dengem Sciences-Professer

OMB OLYMPIADE MATHEMATIQUE BELGE

Les inscriptions pour l'OMB sont ouvertes et se font via la liste affichée près de la salle de conférence, jusqu'au 15 novembre.

Les éliminatoires auront lieu le mercredi 17.1.2018 de 13h30 à 15h00.

Des précisions? Demande à ton professeur de mathématiques!

A. Baddé

MIR VERKAFEN KUCH!

WOU? Ennert dem E-Gebai an firun der Turnhal
Weini? Emmer Freides an der 10-Auer-Paus
Wei viel? 1,50€/Steck

Mier freen eis op ierch!
Ären Premièrescomité.

Virun der Proffekonferenz fannt der lo eng Boîte fir d'Sekretariat.
Dir kënnt also lo är Ziedelen an des Boîte geheien!

Flohmarkt

Dir hutt eng al Wo?
Dir hutt en alen, schéinen Teller?
Dir hutt en alen Vélo?
Dir hutt eng al Posch?
Dir hutt soss Saachen um Späicher, am Keller oder am Schaaf am gaang ze verstëbsen?

... Dann bréngt eis se mat an d'Schoul an mir verkafen se op eisem Floumaart um Chrëschtbasar fir e gudden Zweck.

Wou?
Am Sall van der 9e mo A226
9e PR1 A208
9e PR2 A224

Wéini?
Ëmmer wann mir an eiser Klass sinn

epfShop

No der Allerhellegevakanz kënnt dir nees Saachen aus eisem epfShop kafen.

Dir kënnt déi Woch no der Vakanz all Dag an der **10-Auer-Paus** am **Réfectoire**, nieft der Mme D. Wagner, umoossen kommen.

Mir bestellen déi 2. Woch no der Vakanz!

Mir wënschen iech eng schéi Vakanz!

Bring Your Own Device (BYOD)-Student Helpdesk

	Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
7h30 – 7h50		x		x	
9h40 – 9h55	x	x	x	x	X
11h40 – 12h30					
12h30 – 13h25	x	X			X
14h15 – 15h10	X	X		x	x

Intranet fir d' Schüler vum Fieldgen

https://365education.sharepoint.com/sites/EPFIntranetStudents